BESSER ZESUMMEN

**INFORMEIERT**
**#1 | 2. Januar 2023**

# GEMENG SCHENGEN

# Nei Tariffer fir d'Offallentsuergung

# 1.1.2023

Laut Informatiounen aus dem leschte Gemengebuet gëlle säit dem 1. Januar 2023 an der Gemeng Schengen nei Tariffer fir d'Dreckskiwwelen eidel ze maachen. Dëst opgrond vun enger europäescher Direktiv, déi de Prinzip vum « pollueur-payeur » verlaangt. Wat heescht dat fir d'Bierger?

## Besser zesumme Gewunnechten ännere wéi méi bezuelen

Wann Dir zum Beispill eng 120 Liter Dreckskëscht hutt, dann hutt Dir bis elo 22,5 Euro pro Mount, also 270,- Euro pro Joer, fir de Vidange eemol d'Woch bezuelt.

Wann Dir Är Gewunnechten net ännert a weiderhin all Woch ee Vidange maache loosst, da bezuelt Dir fir d'Joer 2023 am ganzen 372,- Euro (Fixe: 12 x 5€=60€ + Variabel: 52 x 6€=312€). Dat ass ee Plus vun 102,- Euro pro Joer (+37%).

## Besser zesummen den Tri maachen

Et heescht also elo, am Sënn vun der Nohaltegkeet a vum Porte-monnaie, d'Gewunnechten ze änneren. Wann Dir, zum Beispill, all 3. Kéier de Kiwwel net aussetzt, da bleift Dir beim Präis deen Dir gewinnt sidd an Dir hutt eppes fir d'Ëmwelt gemaach. Wann dir se nëmmen all zweete Kéier aussetzt, da spuert Dir esouguer Geld. Probéiert et einfach aus a notzt d'Méiglechkeeten déi Dir hutt !

### Valorlux-Tut

Do däerfen eng ganz Rei Verpackungen dra gemaach ginn, déi dir doduerch net braucht an der groer Dreckskëscht ze entsuergen. Am Präis vun den Iesswueren, Botzmëttel etc. huet dir schonn de Recycling vun deene Verpackungen mat bezuelt an duerfir gehéieren déi och an d' Valorlux-Tut, soss bezuelt dir d'Entsuergung duebel (https://www.valorlux.lu/media/60e843ef92697_a4_2021.pdf).

### Blo Pabeier-, gréng Glas- a brong Bio-Tonn

Wann Dir systematesch déi dräi speziell Dreckskëschte gebraucht, kennt Dir den Inhalt vun Ärer groer Dreckskëscht wesentlech reduzéieren.